Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Mäerz 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Aktuell lafen e puer Enquêten zu der Fro, wien d'Nord-Stream Pipeline sabotéiert an der Energieversuergung vun Europa domat schwéiere Schued zougefüügt huet. Dat ass besonnesch an Däitschland, Schweden, Russland an Dänemark de Fall.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

1) Gesäit d'Regierung vir, fir sech um internationalen Niveau fir eng Haftung vum verantwortleche Staat oder vun deene Staaten anzesetzen, déi un där Sabotageaktioun bedeelegt waren? Wär et net méi ewéi richteg, wann déi schëlleg Staaten déi sabotéiert Pipelinen nees missten op hir Käschte reparéieren an datt déi duerch dat Attentat direkt oder indirekt geschiedegt Staaten an Entreprise géinge komplett indemniséiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten